

5/ELO!

De Magazin fir
d'Membere vun der CSV

# SUMMER AKADEMIE 2026

## SAMSCHDEG, 5. SEPTEMBER
## ZU LËLZ UM STAUSÉI

CSV

AN DER CHAMBER

# ÄR IDDIEN SI GEFROT!

## LÉIF FRËNDINNEN, LÉIF FRËNN

D'CSV-Fraktioun invitéiert Iech häerzlech op déi éischt CSV Summerakademie.

Huelt Iech en Dag Zäit, fir mat eis ze diskutéieren.

Mir wëllen zesumme mat Iech eis politesch Rentrée virbereeden an déi Themen diskutéieren, déi mir an de kommende Méint op d'politesch Agenda setzen.

Dofir wäerte mir an verschiddene Fokusgruppen follgend Themen behandelen :

- → Politesch Bildung an der Schoul
- → E resilient Lëtzebuerg
- → KI am Déngscht vum Mënsch
- → Jugendchômage
- → Drénkwaasserqualitéit zu Lëtzbuerg
- → Konflikter am Noen Osten

Hei kënn Dir Är Erfarungen, Är Meenungen an Är Iddie mat abréngen.

Mir freeën eis och deen Dag Clara von Nathusius, CDU-Influencerin, begréissen ze kënnen. Si weist eis wéi modern politesch Kommunikatioun haut funktionéiert a wéi sozial Medie Politik veränneren.

**Aus organisatoresche Grënn an de limitéierte Plazen an de Workshopen biede mir Iech, Iech bis spéitstens den 28. August 2026 iwwert dëse QR-Code unzemellen.**

Mir freeën eis op Iech!



# IMPULS A WORKSHOP MAM: CLARA VON NATHUSIUS

D’Clara von Nathusius ass politesch Influencerin, Member am Comité vun der Junge Union Deutschlands a Grënnerin vu Fridays for Israel. Mat hire politesche Kommentaren op Instagram an X ass si zu enger gefroter Stëmm fir jonk CDU-Positioune ginn, ënner anerem am ZDF, an der ZEIT an an der Süddeutschen Zeitung.

Op Basis vun hirer Erfarung weist si, wat gutt politesch Kommunikatioun op de soziale Medien ausmécht, wéi eng Feeler ee vermeide soll a wéi Dir Är Accounts fit fir déi nächst Chamber- a Gemengewale maacht.



instagram.com/claranths/

## WORKSHOP: POLITESCH KOMMUNIKATIOUN

Am uschléissende Workshop geet et an d’Praxis:

- Wéi funktionéiert modern politesch Kommunikatioun haut – besonnesch an der digitaler Ëffentlechkeet an op Social Media?
- Wéi schwätzt een d'Leit dobausse mat klore Messagen un, a verbessert d'Wierkung vun der eegener digitaler Kommunikatioun?
- Wéi kann een Content a Kampagnen plangen (Ziler, Timing, Kanäl), fir datt d’Botschaft konsequent a wierksam eriwwer kënnt?

# ÄR IDDIEN SI GEFROT!

Opgepasst:
Limitéiert Plazen
Elo séier umellen

## POLITESCH BILDUNG AN DER SCHOUL

→ Wéi gesäit de Bilan no 10 Joer Visocours zu Lëtzebuerg aus, a wéi kann d'politesch Bildung an de Schoule weider gestäerkt ginn, fir jonk Leit besser op hir Roll an eiser Demokratie virzebereeden?

→ Wéi soll Lëtzebuerg mam Walrecht fir Jonker ëmgoen: Wéi eng Chancen a wéi eng Erausfuerderunge géif e fakultatiivt Walrecht ab 16 Joer mat sech bréngen?

→ Wéi kann d'Zesummenaarbecht tëscht dem Zentrum fir Politesch Bildung ZPB, der Instruction civique, dem Jugendparlament an de Schoule weider ausgebaut ginn, fir d'politesch Bildung ze stäerken an d'Jugendlech, besonnesch am Hibléck op e méiglecht Walrecht ab 16 Joer, besser op hir demokratesch Roll virzebereeden?

**MODERATIOUN:**
**RICARDO MARQUES**



## KI AM DÉNGSCHT VUM MËNSCH

→ A wéi enge Beräicher soll kënschtlech Intelligenz de Mënsch stäerken, a wou musse mënschlech Entscheedungen, Verantwortung, Fräiheet a Bezéiungen onverzichtbar bleiwen?

→ Wéi kënne mir d'Chancë vun der kënschtlecher Intelligenz fir d'Wirtschaft, d'Aarbechtswelt an d'ëffentlech Déngschter notzen, ouni Kanner, Salariéen a vulnerabel Mënschen neie Forme vun Ofhängegkeet, Iwwerwaachung oder Benodeelegung auszesetzen?

→ Wéi eng politesch Reegelen, ëffentlech Investitiounen an europäesch Zesummenaarbecht brauch Lëtzebuerg, fir datt d'kënschtlech Intelligenz dem Allgemengwuel déngt an d'Land technologesch handlungsfäeg bleift?

**MODERATIOUN:**
**FRANÇOISE KEMP**
**& PAUL GALLES**



## DRÉNKWAASSERQUALITÉIT ZU LËTZEBUERG

- Wéi kënne mir zu Lëtzebuerg de Gebrauch vu Planzeschutzmëttel weider reduzéieren, ouni d'Kompetitivitéit an d'wirtschaftlech Tragfäegkeet vun der Landwirtschaft a Gefor ze bréngen?
- Wéi soll Lëtzebuerg mat PFAS an TFA ëmgoen, fir Drénkwaasser an Ëmwelt effizient ze schützen an dobäi Kompetitivitéitsnodeeler a Produktiounsverlagerungen an d'Ausland ze verhënneren?
- Wéi kënne mir als Land de Schutz vun den Drénkwaasserressourcen a Waasserschutzgebidder esou gestalten, datt déi ekologesch Ziler erreecht ginn an d'Landwirtschaft gläichzäiteg op praktesch a wirtschaftlech machbare Konditioune schaffe kann?

**MODERATIOUN:**
**JEFF BOONEN**



## E RESILIENT LËTZEBUERG

- An Zäite vu Polykrisen a potenzielle Geforen: Wéi gutt ass Lëtzebuerg opgestallt, fir domat ëmzegoen? Wéi wäit sinn déi national a lokal Resilienzpläng, a wéi resilient sinn eis kritesch Infrastrukturen?
- Naturkatastrophen huelen zu Lëtzebuerg zou: No Tornadoen, Hëtztwellen a staarken Iwwerschwemmungen, wéi gutt si mir haut opgestallt? Wat hu mir aus deene leschte Jore geléiert?
- Drénkwaasser ass eng vun eisen elementaarste Ressourcen. Wéi gutt ass Lëtzebuerg opgestallt, fir och an Zäite vun Dréchent, Klimawandel oder anere Krisen zu all Moment eng resilient a propper Drénkwaasserversuergung ze garantéieren?

**MODERATIOUN:**
**STÉPHANIE WEYDERT**



# ÄR IDDIEN SI GEFROT!

Opgepasst:
Limitéiert Plazen
Elo séier umellen

## JUGENDCHÔMAGE

- D'Ursaache vum Jugendchômage: mat engem Jugendchômage vun iwwer 19%, läit Lëtzebuerg iwwert der europäescher Moyenne. Wat sinn déi konkret Ursaache vum Jugendchômage zu Lëtzebuerg?
- Méi Aarbechtsplaze fir déi Jonk duerch eng nei wirtschaftlech Dynamik: Wéi schafe mir méi Aarbechtsplaze fir déi Jonk? Wat fir Aarbechtsplaze wëlle mir fërderen? A wat fir Secteure solle mir investéieren, a wéi enge Beräicher solle mir eis spezialiséieren?
- Eng Educatioun, déi op d'Beruffsliewe virbereet: Gëtt eis Educatioun den Usprëch vum Aarbechtsmarché gerecht? Entsprieche déi aktuell Formatiounen de Besoinë vum Marché? Wéi kënne mir d'Handwierk als Zukunftsperspektiv an Alternativ zum Unisstudium stärken?

**MODERATIOUN:**
**CHAREL WEILER**



## KONFLIKTER AM NOEN OSTEN

Existenzrecht a Sécherheet vun Israel, Zwee-Staate-Léisung, Ënnerstëtzung fir Palästina, Krich géint de Mullah-Regime am Iran:

- Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg?
- Wat sinn d'Obligatioune vu Lëtzebuerg? Kann a soll Lëtzebuerg Sanktiounen ënnerstëtzen?
- Wéi garantéiere mir eng objektiv Debatt bei eis am Land?

**MODERATIOUN:**
**LAURENT ZEIMET**



## PROGRAMM
## SAMSCHDEG, 5. SEPTEMBER

08:30 – Begréissung
09:00 – Impuls vum Clara von Nathusius – CDU-Influencerin
10:30 – Fokusgruppen – 1. Deel
12:00 – Mëttegiessen
13:00 – Fokusgruppen – 2. Deel
14:30 – Ofschloss am Plenum an Austausch mam Fraktiounspresident Laurent Zeimet

## WOU?

Youth Hostel Lultzhausen
20, an der Driicht
L-9666 Lultzhausen

## WÉINI?

Samschdeg, de 5. September ab 08:30

## UMELDUNG

Aus organisatoresche Grënn an de limitéierte Plazen an de Workshopen biede mir Iech, Iech bis spéitstens den ***28. August 2026*** iwwert dëse QR-Code unzemellen.

Elo umellen per Scan oder op csv.lu/summer



PERIODIQUE
POST LUXEMBOURG
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG
PORT PAYÉ
PS/131

